adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
16 DEC. 2015
1645

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 16. Dezember 2015

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

*An der Grondschoul ginn, nieft dem Léierpersonal, ënner anerem och Educateuren a graduéiert Educateuren agestallt. Dës leeschten e wäertvollen Déngscht, z.B. an de pedagogeschen Equippen, dëst an Zäite wou d'Erausfuerderungen an de Schoulen ëmmer méi grouss ginn.*

*Den 11. November huet den Educatiounsminister eng Instruktioun (instruction ministérielle) eraus ginn, an där d'Tâche vun den Educateuren an de graduéierten Educateure präziséiert gëtt. Dës Präzisiounen zéien awer Rigiditéiten no sech, z.B. wat d'Verdeelung vun de Stonnen tëschent der Concertatioun an de pedagogeschen Equippen an d'Aarbecht mat den Eltere betrëfft.*

*Bei Aktivitéite mat Kanner, déi iwwert e ganze Dag ginn, z.B. bei Weekender („Kolonien"), kréien déi Educateuren duerch déi nei Instruktioun maximal 6 Stonne pro Dag, respektiv 12 Stonne pro Weekend, zegutt gehalen.*

*Dowéinst wéilt ech dem Här Educatiounsminister dës Froe stellen:*

1. *Wat war den Ulass fir den Educatiounsminister fir dës Instruktioun eraus ze ginn?*
2. *Deelt den Här Educatiounsminister d'Meenung, datt duerch dës Instruktioun dee wéinege Spillraum, deen d'pedagogesch Equipen an d'Schoulkommissiounen nach an der Schoulorganisatioun hunn, weider ageschränkt gëtt?*
3. *Fäert den Här Minister net, datt wa Personal am Kontakt mat Kanner nëmmen 12 Stonne fir e ganze Weekend bezuelt kritt, domadder d'Organisatioun vun esou Weekender zesummebrécht?*
4. *Ass den Här Minister der Meenung, datt d'Zuel vun den Educateuren déi an der Grondschoul agesat sinn, nach adequat ass.*

Mat déiwem Respekt

Fernand Kartheiser

Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Luxembourg, le 22 janvier 2016

Monsieur le Président de la Chambre des Députés
19, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

**Réponse du Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse à la question parlementaire N° 1645 du Député Fernand Kartheiser**

**Ad 1)**

Den Ulass fir d'Instruktioun erauszegi war, fir Richtlinnen ze definéieren, déi fir all d'Inspektiounsarrondissementer gëllen, dëst op Demande vu Membere vun der Schoulinspektioun. D'Schoulinspeketeren haten nämlech festgestallt, datt d'Definitioun vun der Tâche vun den Educateuren ënnerschiddlech applizéiert gouf.

**Ad 2)**

Ech kann dem honorabelen Deputéierten seng Meenung net deelen. Duerch d'Instruktioun gëtt ënnerstrach, dass déi am groussherzogleche Reglement iwwert d'Tâche vun den Educateuren a graduéierten Educateure festgehalen Oplagen esou, wéi et virgesinn ass, anzehale sinn.

**Ad 3)**

Ech gesinn dat net als eng Saach vu „bezuelen". An deem Kontext wëll ech un all Membere vum Schoulpersonal erënneren, déi mat de Schoulkanner, mat vill Idealismus an engem bewonnerenswäerten Engagement, all Joer op Ausflich oder/an a Kolonië vun e puer Deeg ginn, an dat am Kader vun hirer regulärer Tâche.

De graduéierten Educateur (mat enger 100% Tâche) huet eng Tâche vun 28 Wochestonne fir sozio edukativ Aktivitéiten mat de Kanner duerchzeféieren. Dat entsprécht ongeféier 6 Stonne pro Schaffdag, 5 Deeg an der Woch während der Schoulzäit; dozou kommen nach d'Preparatioun vun deene Stonnen an 260 Stonne pro Joer zousätzlech Aktivitéiten am Interessi vum Kand.

Den Educateur, zweet Persoun an der Fréierzéiung (mat enger 100% Tâche), huet eng Tâche vu 26 Wochestonne fir sozio edukativ Aktivéite mat de Kanner duerchzeféiere plus 3 Wochestonne Surveillance, dat entsprécht och ongeféier 6 Stonne pro Schaffdag, 5 Deeg an der Woch während der Schoulzäit; dozou kommen nach d'Preparatioun vun deene Stonnen an 260 Stonnen zousätzlech Aktivitéiten am Interessi vum Kand pro Joer.



29, rue Aldringen
L-2926 Luxembourg
Tél.: (+352) 247-85100
Fax:(+352) 247-85113
e-mail: info@men.lu
www.men.lu

127-000188-20040816-FR

An deem Sënn sinn och déi 6 Stonnen ze verstoen, déi pro Dag verrechent ginn, woubäi net spezifizéiert ass, dass et sech do ëm e Weekend handelt, mee ëm zwee successiv Deeg, déi iergendwann an der Woch kënne leien.

**Ad 4)**

Wat elo dem honorabelen Deputéierte seng Fro zur Zuel vun den Educateuren an der Grondschoul ubelaangt, esou ass Folgendes dozou festzehalen:

Educateure ginn an der Grondschoul als zweet Persoun an der Fréierzéiung agesat, esou wéi et den Artikel 4 aus dem modifizéierte Gesetz vum 6. Februar 2009 iwwer d'Personal aus der Grondschoul virgesäit. Ausserdeem schaffen och Educateuren an de Projete vu Ganzdagsschoulen, woubäi d'gesetzlech Basis dofir duerch den Artikel 17 vum modifizéierte Gesetz vum 6. Februar 2009 iwwert d'Organisatioun vun der Grondschoul geschafe ginn ass. Déi néideg Posten dozou sinn oder ginn duerch Budgetsgesetz genehmegt.

Claude Meisch
Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse